LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4565 vum 3. August 2026 vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig zum Sujet « Transferts Dublin et reprises en charge par le Luxembourg ».**

1. **Wéi eng Länner hunn 2025 déi 422 Demandë gestallt? Ëm wéi vill Persounen handelt et sech pro Land?**

Iwwer 90% vun den Dublin Demanden, déi 2025 u Lëtzebuerg geschéckt gi sinn, koume vu Frankräich (137), der Schwäiz (73), der Belsch (71), Däitschland (62) an Holland (41).

2. **Firwat hunn déi Länner eng Demande u Lëtzebuerg gestallt? Well dat Land rausfonnt huet, datt des Persounen an enger Datebank vun eis agedroe gi sinn als Persounen, déi hei Asyl ugefrot hunn? Oder kann et och sinn, datt do Persounen drënner sinn, déi keen Asyl ugefrot hunn, mee, zum Beispill, op der däitscher Grenz zeréckgewise goufen op Lëtzebuerg, sougenannten "Pushbacks"?**

Déi grouss Majoritéit (88%) vun den Demande baséiert op enger Demande op international Protektioun, déi zu Lëtzebuerg gestallt ginn ass. D'Donnéeë vun de Persounen déi hei eng Demande stellen, ginn an der d'EU-Datebank Eurodac gespäichert. Wann eng Persoun eng weider Demande an engem anere Land stellt, kann dat Land den Eurodac consultéieren an entscheeden eis eng Demande ze schécke fir d'Persoun zeréck ze huelen.

Knapp 10% vun den Demanden aus dem Joer 2025 hunn sech drop baséiert, dass Lëtzebuerg de concernéierte Persounen e Visa ausgestallt huet. D'Ausstellung vun engem Visa war ee vun de Krittäre fir d'Determinatioun vum responsabele Memberstaat am Dublin Reglement an ass och weiderhin e Krittär am Reglement 2024/1351 (AMMR).

3. **Firwat goufe vun de 422 Demanden nëmme 70 Demanden, Stand Juli 2026, akzeptéiert a Persounen iwwerstallt? Sinn déi aner 352 definitiv ofgeleent ginn oder sinn si nach net ofgeschloss? Kënnt Dir duerfir e Breakdown vun de 422 Demandë maachen: akzeptéiert an iwwerstallt (70), akzeptéiert mee nach net iwwerstallt, refuséiert mee dat anert Land huet sech opposéiert, definitiv refuséiert an en cours?**

Lëtzebuerg huet 275 Demanden aus dem Joer 2025 definitiv refuséiert. Dës Fäll si clôturéiert an d'Persoun kann net méi op Basis vun där Demande op Lëtzebuerg transferéiert ginn.
Fir d'Persounen, déi Lëtzebuerg accordéiert huet ginn et haaptsächlech dräi Méiglechkeeten:

- Si sinn transferéiert ginn (67)
- Den Delai fir ze transferéieren ass dem anere Land ofgelaf, an domat ass Lëtzebuerg net méi responsabel fir hier Demande op international Protektioun (33)
- Den Delai fir den Transfert ass nach en cours. Dës Persoune sinn an de meeschte Fäll am anere Land verschwonn (47)

4. **Wa Lëtzebuerg eng Demande ofleent, kann sech dat anert Land opposéieren? Wéi dacks ass dat virkomm? Wéi sinn des Fäll ausgaangen?**

Ënner dem Dublin III Reglement war et méiglech bannent dräi Wochen eng Demande de réexamen ze froen. Bei den Demanden aus dem Joer 2025, ass 13 mol e Refus vu Lëtzebuerg contestéiert ginn. 5 mol hu mir doropshin accordéiert, 8 mol ass et beim Refus bliwwen.

5. **Wat sinn d'Grënn vun den Ofleenunge vun den Demanden?**

Generell kann ee soen, dass ganz vill vun den Demanden déi u Lëtzebuerg geschéckt ginn, kenger grëndlecher Analyse vum Dossier ervirginn. Verschidde Memberstaate consultéieren d'Eurodac Datebank a froen all d'Länner, an deenen déi concernéiert Persoun eng Demande fir international Protektioun gestallt huet, fir dës Persoun zeréck ze huelen. Dat féiert notamment dozou, dass et vill Refuse ginn an och, dass den Aarbechtsopwand onnéideg erop geet.

6. **Wéi vill vun deene Persounen, wou mir d'Demande akzeptéiert hunn, sinn iwwert de Findel an d'EU agereest an hunn do Asyl ugefrot?**

Lëtzebuerg huet 2025 eng Persoun accordéiert en charge ze huelen nodeems si eng illegal Entrée um Findel gemaach huet an duerno an Holland Asyl gefrot huet.

7. **All déi aner hu jo missten aus engem aneren EU-Land kommen. Huet den Här Minister eng Enquête lancéiert fir rauszefannen a wéi engem Land si d'EU warscheinlech fir d'éischte Kéier betrueden hunn? Wat fir eng Nationalitéit a Geschlecht hunn si?**

D'Leit fir déi Lëtzebuerg responsabel ass a fir déi mir en Transfert op Lëtzebuerg accordéiert hunn, ware gréisstendeels schonn hei am Land an der normaler Asylprozedur an eng Analyse um Fong vun hirer Situatioun ass entweder en cours oder schonn ofgeschloss. Zum Zäitpunkt vun hirer Demande op international Protektioun ass doriwwer eraus eng éischt Analys vum Dossier gemaach gi fir ze kucken op do Krittäre vum Dublin Reglement (säit dem 12.06 vum AMMR) zoutreffe fir en anere Memberstaat als responsabel ze determinéieren. Dorënner fält och de Krittär vun der illegaler Arees.

Fir déi Leit déi hei nach net an der Prozedur waren an zum Beispill mat engem Schengen-Visa, dee vu Lëtzebuerg ausgestallt ginn ass, agereest sinn, spillt et keng Roll op si legal um Findel oder a soss engem Memberstaat ukomm sinn.

Mir féieren also keng explizit Statistik doriwwer a wéi engem EU-Land eng Persoun als éischt ukomm ass well et net forcement dat Land ass dat fir der Persoun hir Demande op international Protektioun responsabel ass.

Zu deem Zäitpunkt wou eng Demande u Lëtzebuerg geschéckt gëtt, ass et fir de Ministère just relevant fir ze kucken ob mir responsabel fir déi concernéiert Persoun sinn oder net.

8. **Mussen déi Asylbewerber, déi Lëtzebuerg zeréckgeholl huet, mat Sanktioune rechnen, well se Lëtzebuerg wëssentlech an absichtlech verlooss hunn?**
9. **Kann sech dat negativ op hir Asylprozedur auswierken?**
10. **Wann des Persoune weder Sanktiounen nach negativ Auswierkungen ze erwaarden hunn, encouragéiert een domat net weider Verstéiss géint d'Asylrecht an Openthaltsrecht?**

Déi europäesch Texter gesi keng direkt Sanktiounen am Kader vun der Asylprozedur fir am Fall wou en Demandeur zeréck op Lëtzebuerg transferéiert gëtt.

All Demandeur huet allerdéngs ënner anerem d'Obligatioun, sech a predefinéierten Ofstänn bei den Autoritéiten ze manifestéieren an sech wärend der gesamter Asylprozedur um Lëtzebuerger Territoire opzehalen. Violéiert en Demandeur dës Obligatiounen, kann dat eng Rei Konsequenze mat sech bréngen: Ënner anerem kann d'Demande als implizitt zeréckgezunn ugesi ginn a clôturéiert ginn, den Délai de traitement vun der Demande kann a gewësse Fäll acceleréiert ginn, an dat feelerhaft Verhale gëtt natierlech am Kader vun der Analyse vun der Demande a Betruecht gezunn.

Och wann dëst net direkt d'Asylprozedur betrëfft, sief awer bemierkt, datt en Demandeur den europäeschen Texter no nëmmen am Memberstaat, dee fir d'Asylprozedur responsabel ass, Recht op déi integral materiell Opnamkonditiounen huet an deemno am Prinzip net a verschiddene Länner dovu profitéiere kann.

Lëtzebuerg, de 26. August 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN